
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth MARGUE, der Madamm Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko BACKES, an dem Här Inneminister, Léon GLODEN, op d'parlamentaresch Fro n° 4346 vum 29. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN.**

1. **Wéi vill Fäll vun haislecher Gewalt goufen an de leschten 10 Jore gemellt?
Wéi vill dovunner goufen direkt gemellt a wéi vill eréischt no engem Dag?
Wéi vill Fäll goufen no enger Woch gemellt?
Wéi vill goufen nom Delai vun 14 Deeg gemellt?**

Am Rapport Violence 2025 vum Comité de coopération entre les professionnels dans le domaine de la lutte contre la violence kann een d'Unzuel vu polizeilechen Interventiounen am Zesummenhang mat haislecher Gewalt a ggf. Expulsiounen noliesen. Op der Säit 7 vun dësem Rapport, ass notamment follgenden Tableau ze fannen:




Source: Police, Parquets auprès des tribunaux d'arrondissement de Luxembourg et Diekirch
Graphique: Ministère de l'Égalité des genres et de la Diversité

Et existéiert kee gesetzlechen Delai vu 14 Deeg fir eng Plainte am Fall vun haislecher Gewalt ze maachen. Aus deem Grond existéiert och keng automatiséiert Erfaassung oder Opschlësselung vun den Zuelen no deene gefrote Krittären.

Fir eng Plainte ass déi eenzeg Limitt d'Prescriptioun. Et kann also duerchaus och eng Plainte fir Faite gemaach ginn, déi scho méi laang zeréckleien. Am Kader vun der Enquête kënnen dann do verschiddene Protectiounsmesure geholl ginn.

Wat spezifesch d'Expulsioun ugeet, sou wéi se am Artikel Ier vum Gesetz vum 8. September 2003 iwwer haislech Gewalt virgesinn ass, ass déi eenzeg Konditioun d'Existenz vun Indicen, datt d'Persoun déi expulséiert soll ginn, sech preparéiert, eng Strofdot géint d'Liewen oder d'kierperlech Integritéit

vun enger Persoun ze begoen, mat där si an engem familiäre Kader zesummelieft. Dës Konditioun vun enger Geforesituatioun gëtt vum zoustännege Substitut beim Parquet ageschat, an et gëtt hei kee legalen Delai.

2. **Wéi gëtt séchergestallt, dass bei Gewalt am Stot, wou Kanner betraff sinn oder Gewalt materlieft hunn, de Schutz vum Kand am Vierdergrond steet, notamment beim Suergerecht?**

De Schutz vun de Mannerjäregen, déi direkt oder indirekt Affer vun haislecher Gewalt sinn, gëtt op verschiddenen Niveauen a vu verschiddenen Acteure séchergestallt:

- Den Artikel II vum Gesetz vum 8. September 2003 gesäit vir, datt all Kand dat am Haushalt lieft an en direkt oder indirekt Affer ass, vun engem spezialiséierte Service[1] muss betreit ginn.

- All Policeinterventioun fir haislech Gewalt an engem Haushalt an deem Kanner präsent sinn, féiert zu engem Signalement beim Parquet jeunesse, deen dann zesumme mam Jugendriichter ka beurteelen, ob Schutzmoossname fir déi betraffe Kanner mussen ergraff ginn.

- Bei Litigen iwwer d'Suergerecht, d'Besuchsrecht an den Hebergement vun de Kanner no enger Trennung vun den Elteren huet d'Familiegeriicht Zougang op d'Policeberichter iwwer haislech Gewalt. D'Familiegeriicht huet och Zougang op d'JUCHA-Datebank fir Mannerjäreger, déi eng komplett Lëscht vun de Rapports d'enquête sociale, de Signalementer, de Policeberichter an den Decisioune vum Jugendriichter enthält. De Familieriichter ka sech sou e komplett Bild iwwert dat soziaalt Ëmfeld vum Mannerjärege maachen, dorënner och eventuell Fäll vun haislecher Gewalt. Dës Informatioune gi bei den Entscheedungen iwwert d'Suergerecht, d'Besuchsrecht an den Hebergement berücksichtegt.

Lëtzebuerg, den 29. Juli 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue

[1] « *Tout enfant victime directe ou victime indirecte, vivant dans le ménage doit être pris en charge par un service d'assistance aux victimes de violence domestique, spécialisé dans la prise en charge d'enfants victimes de violences* ».